

Fir wien? Wëllef an Aves	Wou? Am Haus a rondrëm	Dauer: 2 Stonnen	Vir- bereedung: 1 Stonn	Zuel vun de Kanner: op mannst 8 Kanner opgedeelt an op mannst 2 Gruppen	Zuel vun de Chef: op mannst 4	Thema: Liewen an extremer Armut, Recycling	

Smokey Mountain


Gänsespill

Zil

Iwwer d'Froen an d'Aufgabe ginn d'Kanner méi iwwer d'extrem Aarmut um Dreckstipp Smokey Mountain zu Manila (Philippinen) gewuer.

Material

- ~ Atlas oder Weltkaart
- ~ fir all Equipp 2 kleng Räisportiounen (eng Räisportioun stellt 1 Pond Räis duer)
- ~ 4 Eemeren
- ~ Tennisball
- ~ Stoffreschter fir d'Wonnen ze verbannen
- ~ e gebastelt Tuberkulosmedikament, fir all Equipp eent
- ~ Fotoen iwwer de Smokey Mountain
- ~ Cent-Stécker (kleng Mënz fir héchstens 5 Euro)
- ~ Foto vum Alfredo Lim, fir all Equipp eng
- ~ Verzielkaarten
- ~ Blëtzaarten
- ~ Froekaarten, fir all Equipp ee Set
- ~ Missiounskaarten, fir all Equipp ee Set
- ~ Spillplang
- ~ Würfel
- ~ Verkleedung fir d'Maria an den Nonoy




Virbereedung:

1. D'Foto vum Alfredo Lim an d'Tuberkulosmedikament am oder rondrëm d'Haus verstoppen. De Kanner am Spill erklären datt et just e gebastelt Medikament ass!
2. Froen a Missioun kopéieren, déi verschidden Set'en eenzel mat engem Zeechen vun den Ekippen markéieren, rausschneiden a se am a rondrëm d'Haus eenzel verstoppen
3. De Junkshop op enger Plaz installéieren, wou e Chef sëtze bleift. Hei kënnen d'Kanner hire gesammelten Offall verkafen, leider nëmme fir wéineg Geld.
4. D'Epicerie op enger Plaz installéiere, wou e Chef sëtze bleift
5. Fotoen vum Smokey Mountain op enger Plaz ophänken (Anhang)
6. D'Weltkaart op enger Plaz ophänken
7. Zeech vun de Cheffen verkleede sech als Maria an Nonoy, si liewen um Smokey Mountain, féieren duerch d'Spill a verzielen den Equippen, wéi et um Smokey Mountain ausgesäit wa si op engem Verzielfeld landen. Op all Verzielstatioun erzielen si een Deel vun hirer Geschicht, déi si natierlech am Beschten am viraus kennen oder ofliesen.
8. De Spillplang opriichten, wou och d'Maria an den Nonoy sëtzen, d'Äntwerten zu de Froen an Blëtzbild prett leeën.

Oflaf

- ~ D’Kanner deele sech an Equippen vun je 4 Kanner op a gi sech en Numm.
- ~ Nom Gänsepillprinzip würfelt eng Equipp no der anerer.
- ~ Wann d’Grupp um Spillfeld op engem Blëtz land, muss si no fir oder no hanne réckelen. De Chef huet um Blëtzblat verschidde Méiglechkeeten déi hien kann uwende wéi hie wëll.
- ~ Wann d’Grupp op enger Fro oder enger Missioun land, muss si den entspriechenden Ziedel mat der Fro (1 – 12) oder der Missioun (1 – 11) mat dem Zeechen vun hirer Ekipp sichen an dem Maria an dem Nonoy d’Äntwert op d’Fro liwweren oder de Beweis liwweren, datt hir Missioun erfëllt ass. D’Froen handele vun de Geschichten, déi den Nonoy an d’Maria op de Verzielfelder erzielen.
- ~ Op den Verzielfelder mat de Sprechblosen kréien d’Kanner eng Geschicht (1 – 6) verzielt.
- ~ Beim Stop-Schëld mussen d’Kanner stoe bleiwen an d’Missioun erfëllen.
- ~ Déi Equipp, déi als éischt um leschte Feld ukënnt, huet gewonnen, déi lescht Aktioun kënnen d’Equippen dann an aller Rou erfëllen, wann se ukomm sin.
- ~ Zweek fräiwelleg Kanner an all Equipp spillen de Jonmar an d’Donnabella. Bei 2 verschiddene Missioune kréie si eng Aufgab a ginn och réicht genannt, wa si op déi entspriechend Missiounen falen.
- ~ An der Epicerie: eng Räsportioun gëlt fir 1 Pond Räis, dat ee ka bei verschiddene Missiounen gewinnen.
- ~ Am Junkshop: fir all Offall, deem d’Kanner bei enger Missioun bréngen, kréien si héchstens e puer Cent.





Verzielfelder

Maria zielt 1:

D'Maria an den Nonoy liewen op de Philippinnen an Asien. D'Hauptstad ass Manila, do liewen si bei engem Dreckstipp, deen heescht Smokey Mountain. En heescht esou, well den Offall duerch d'Hëtzt dacks Feier fänkt an da brennt et. Déi arem Dierfer, wou d'Leit wunnen, ginn och Slums genannt. De Smokey Mountain ass sou grouss wéi 30 Fussballsterrainen. D'Leit sinn arem Baueren, déi vum Land komm sinn an e bessert Liewen an der Stad wollten hunn. Hei liewen si a klengen Hütten. Et gi keng Stroossen, mee just kleng Pied. Moies ginn d'Kanner an d'Schoul, a mëttes ginn si mat engem Greef um Tipp déi Offäll rauspicken, déi si nach kënne selwer gebrauchen oder verkafen.

Nonoy zielt 2:

Moies geet den Nonoy an d'Schoul a mëttes geet hien Offäll picken, owes gëtt dann alles sortéiert, wat gutt ass fir ze verkafen a wat ee selwer ka gebrauchen. Beim Verkaf verdéngt een 1 Euro maximal pro Dag am Junkshop. Verkaf gëtt alles: Plastik, Blech, Eisen, Pabeier, Béckschen a Fläschchen. Waasser vum Krunn gëtt et keent an d'Kanner mussen dat bei e Pëtz siche goen. Dem Nonoy säi Kolleg ass de Jonmar, hien ass Taucher. Wëll den Dreckstipp beim Mier a bei engem Hafe läit, geet hien dofir och an d'Waasser no Offall sichen, säi Quartier, wou hien wunnt, heescht dofir Aromabeach, also e Strand, wou et zimlech streng richt!

Maria zielt 3:

Um Tipp ginn et och Geforen. Duerch dee villen Offall, deen openeen läit, entsteet Hëtzt an heiansdo fänkt dat un mat brennen, den Dampf dovun bässt an den Aen. D'Baggeren déi den Offall bréngen an openeen tesselen, passen net ëmmer op an et geschéien Akzidenter wa Leit ugestouss ginn. Wéinst der Verschmutzung vum Loft an dem Waasser sinn d'Leit dacks krank, si hunn Tuberkulos oder den Typhus. Et kënnt och vir, dass si sech un de spatze Schierbele schneiden. Bei der Tuberkulos kréien d'Leit d'Longe wéi a beim Typhus den Duerchfall. U béide Krankheeten kann ee stierwen wann ee keen Antibiotik kritt.

Nonoy zielt 4:

Um Smokey Mountain wunnen sou vill Leit wéi a ganz Lëtzebuerg. De Buergermeeschter Alfredo Lim vu Manila ass verantwortlech fir de Smokey Mountain. Hien huet schon e puer Haiser niewt dem Tipp opgeriicht, datt d'Leit do dra kënne wunnen. Mee et liewen der nach ëmmer vill an de Slums. De Buergermeeschter seet, datt d'Leit jo Aarbecht hunn an am Junkshop Suen verdéngen. Dëst erlaabt hinnen ze iwwerliewen. Dat ass och richtig, trotzdem gëtt hien net vill Suen fir de Leit ze hëllefen, mee stëcht sech d'Suen selwer an d'Täsch. Dat nennt een Korruptioun. D'Steieren, déi d'Leit dem Stat bezuele ginn net geholl fir de Leit Haiser, Stroossen a Kliniken ze bauen, mee vill Politiker huelen sech déi Suen einfach fir sech.

En anere Chef zielt 5:

Och mir man all Dag Offall, 1 kg pro Kapp am Dag eleng doheem am Haushalt. Dat ass sou vill wéi 20 eidel Mëllechkëschen. Den Offall besteet zur Hallschent aus Bauschutt vum den Chantieren, zu engem Véirel aus Industrieoffall an zu engem Véierele aus Haushaltsoffall. De gëftegen Offall aus der Industrie, de Klärschlamm aus de Kläranlagen, an d'Äsche vum verbrannten Offall vum Dreckstipp ginn duerch Filteren nach eng Kéier gebotzt ier se gelagert oder ewechgehäit ginn. Et ginn och iwwerall Recyclingzentren am Land, wou ee säin Offall kann ofginn a wou en ëmweltfrëndlech entsuergt gëtt.

En anere Chef zielt 6:

Wat kann ee maache fir dem Dreck Meeschter ze ginn a manner Offall ze maachen? Wat mengt dir? Majo ganz einfach:

- ~ andeems ee manner Dreck mécht,
- ~ Saache mat manner Verpackunge keeft,
- ~ seng Saachen e puer Mol benotzt ier een se ewechgeheit,
- ~ den Offall recycelt a richtig entsuergt (Pabeier, Glas, Tetrapak, Plastik,...).

Wat kann dat an eisem Alldag zum Beispill sinn? Wou a bei wéi enge Produkter kënne mir spueren? De Chef mécht heiriwwer eng kleng Diskussioun mat den Equippen.

Froen

FRO 1: Wéi heescht de gréissten Dreckstipp vu Manila? Smokey Mountain	FRO 2: Wéi grouss ass de Smokey Mountain Dreckstipp? 30 Foussballfelder
FRO 3: Wéi gëtt den Hafen beim Smokey Mountain Dreckstipp vun de Leit genannt? Aromabeach	FRO 4: Wat kann d'Maria alles am Junkshop verkafen? Plastik, Blech, Eisen, Pabeier, Béckschen, Fläschen
FRO 5: Firwat ass d'Liewen um Smokey Mountain geféierlech? Geforen : géftegen Damp béisst an den Aen, d'Baggere passen net op an et gi vill Akzidenter, dreckeg Loft a Waasser, mangelnd Hygiene, Tuberkulos, Typhus, Entzündungen duerch Verletzungen,...	FRO 6: Wat pickt a béisst? De Feierdamp béisst a pickt an den Aen
FRO 7: Wat mécht de Stat mat de Suen vun de Steieren, déi d'Leit vun de Philippinnen bezuelen? Korruptioun, déi Suen fléissen net onbedéngt zrëck an d'Servicer, déi de Leit ze gutt kommen, mee vill Politiker stiechen sech déi Suen an d'Täsch.	FRO 8: Wéivill Leit wunnen um Smokey Mountain Dreckstipp? Sou vill wéi a ganz Lëtzebuerg
FRO 9: Wéivill Kilo Dreck produzéiert jidderee vun iech all Dag? 1 kg Dreck	FRO 10: Aus wat besteet dee meeschten Offall an Europa? Bauschutt an den Offall vun Chantieren
FRO 11: Wat kënnt dir doheim maachen fir Offall ze vermeiden? Manner Dreck man, manner Verpackunge kafen, seng Saachen e puer mol benotzen an recyceln	FRO 12: Wou steet de Recyclingpark oder d'Containeren an ärer Gemeng? ...

Missiounen

STOPP MISSIOUN 1:

Kuckt iech d'Fotoe vu Manila un!

MISSIOUN 2:

Dir hutt haut gutt gesammelt um Dreckstipp an hutt am Junkshop 1 Euro verdéngt, gitt iech dofir 1 Pond Räis an d'Epicerie ofhuelen!

MISSIOUN 3:

Dir hutt kee fléissend Waasser a musst 2 Eemere Waasser bei d'Leit aus dem Duerf heesche goen!

MISSIOUN 4:

De Jonmar ass beim Tauchen bal erdrunk well e grousst Stéck Metall op hie gefall ass. Maacht him eng angenehm Massage fir hien ze tréischten a rullt him en Tennisball mat Gefill iwwer de Réck!

STOPP MISSIOUN 5:

Sammelt 5 Offäll aus der Emgéigend a gitt se an den Junk-shop verkafen!

STOPP MISSIOUN 6:

Gitt op d'Kaart kucke, wou d'Philippinen an d'Hauptstad Manila leien!

MISSIOUN 7:

Maacht e Verband aus Stoffreschter a verbannt dem Donnabella seng Wonn um Arem, deen duerch eng Schierbel verletzt gouf!

STOPP MISSIOUN 8:

Bal jiddereen huet Tuberkulos um Smokey Mountain. Sicht an der Emgéigend nom Medikament fir är Famill ze versueren!

MISSIOUN 9:

Dir hutt haut gutt gesammelt um Dreckstipp an hutt am Junkshop 1 Euro verdéngt, gitt iech dofir 1 Pond Räis an d'Epicerie ofhuelen!

MISSIOUN 10:

De Buergermeeschter vu Manila seet: „De Leit geet et jo gutt, well si hu jo eng Aarbecht!“ Wat mengt dir? Hu si eng flott Aarbecht? Huet hie Recht? Sot dem Maria är Meenung!

STOPP MISSIOUN 11:

Sicht nom Alfredo Lim! Schreift dem Buergermeeschter e Bréif, wou dir him sot, wat hie soll änneren!



- ~ D'Maria huet just 50 Cent haut verdéngt an et geet just duer fir Waasser ze kafen: 3 Felder zréck.
- ~ D'Maria ass am Noper seng Zone picke gaang an huet elo Sträit mat him, gitt 2 Felder zréck.
- ~ Haut kouw en Dokter an huet Impfungen a Medikamenter bruecht, 2 Felder weider
- ~ D'Maria gouf vun enger Rat gebass, 1 Feld zréck.
- ~ Eng Schoul gouf gebaut, d'Maria wëll e Beruff léieren fir vum Smokey Mountain wechzekommen, 3 Felder weider.
- ~ Eng ONG huet de Leit kleng Hütten aus Holz gebaut, 2 Felder weider.
- ~ Dem Maria seng Mamm huet eng Dampfvergiftung vum Feier, si kann net schaffe goen an d'Maria muss fir si matschaffen, 3 Felder zréck.
- ~ De Monsun-Reen ass heftig gefall a Bierger vun Dreck sinn an e Koup gefall, dem Maria seng Schwester gouf verletzt, gitt 4 Felder zréck.
- ~ De President Ramos wëll de Smokey Mountain zou maachen, elo kënnst dir net méi picke goen an näischt méi iwwer de Recycling verdéngen, gitt 4 Felder zréck.
- ~ Dem Maria säi Papp huet eng Aarbecht bei engem Entrepreneur am Quartier vu Payatas kritt, gitt 3 Felder no vir.
- ~ Den Nonoy ass ze spéit an d'Schoul komm, well hien nach huet Hëllef mussen Waasser siche goen fir seng Famill, gitt 2 Felder zréck.



Nach e puer Tipps zum Schluss:

D'Eemeren mam Waasser wat d'Kanner bei de Missiounen siche ginn müssen no all Equipp eidel gemaach ginn fir déi Equipp dono, dat Waasser kann een bei e Bam schëdden, awer opgepasst, datt d'Kanner et net gesinn, et as jo eigentlech um Smokey Mountain geduecht fir ze drénken!

Déi Offäll, déi gesammelt goufen, kënn dir mat de Kanner zum Schluss beieneen leeën an zesummen an den Drecksback droen: do kënn bestëmmt vill zesummen, wat schonn eleng nëmmen rondrëm d'Haus alles vun Dreck läit!

Wann d'Maria an den Nonoy de Kanner etappeweis vun der Realitéit um Smokey Mountain zielen, solle si oppassen, datt di aner Equippen net alles matkréien a sech mat där Equipp déi nolauschtert an en Eck verkauchen, wou si a Rou kënnen hir Geschicht erzielen.


Wann dir den spillereschen Effekt nach wëllt steigern, kënn dir och e Bekannte froen, deen är Kanner net kennen, fir d'Maria an / oder den Nonoy ze spillen, dee kann sech da ganz senge spillereschen Fähegkeeten iwwerloossen an an der Haut vum Maria oder dem Nonoy de Kanner erzielen, wéi d'Liewen um Smokey Mountain ass.

Zum Schluss vum Gänsespill oder an der nächster Versammlung kënnen d'Bréiwer fir de Buergermeeschter, déi d'Kanner geschriwwen hunn, haart virgelies ginn. Mat de Kanner kann eng Iwwerleeung gemaach ginn, wéi enge Kanner et hei zu Lëtzebuerg net gutt geet an u ween si hei zu Lëtzebuerg wëilten e Bréif schreiwen, fir aner Kanner ze hëllefen. Vlächent kënnen si deene Kanner och direkt hëllefen!

An de Bilan vun der Aktivitéit net vergiessen! An engem Ofschlossgespräch kënnen d'Kanner nach emol op hir Froen an op Onverdautes zréckkommen. D'Cheffen kënnen dann och nach eng Kéier op déi spezifesche Entwécklungsproblemer agoen fir d'Sensibilisatiounsaktivitéit ofzeschléissen.



Fotoen



Quell vun de Foto'en: www.kindernothilfe.de / Pascal A. Rest



Alfredo Lim, Buergermeeschter vu Manila



Quell vun de Foto'en: www.kindernothilfe.de / Pascal A. Rest

Plaatz fir är perséinlech Notizen:

Handwriting practice area with horizontal dashed lines.

